adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 FEV. 2016
1836

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an den Här Minister fir bannescht Sécherheet weiderzeleeden.

Am Fall vu Schwéierkriminalitéit mat enger Attack op e Fourgon, deen an dësen Deeg viru Geriicht verhandelt gëtt, koum eis zu Oueren, datt betraffe Sëcherheetskräften, deenen hirt Liewen bei dëser Attack a Gefor war, net, wéi gefrot, vum Lëtzebuerger Staat e rechtleche Bäistand gestallt kruten. An deem Kontext hätt ech e puer Froen un déi zoustännech Ministeren:

De Staatsbeamtestatut leet am Artikel 32 dem Staat op, de Respekt an d'Verdeedegung vun de legitimen Interêten vum Staatsbeamten ze iwwerhuelen. Gëlt dat net an esou guer méi am Fall vun de Sécherheetskräften vu Police, Douane an Arméi, déi fir eise Staat an eis Bierger hirt Liewen op d'Spill setze mussen?

Gesäit d'Regierung an der Formuléierung vum Artikel 32 vum Statut iergend e Grond, fir engem Staatsbeamten, deen aus berufleche Grënn mat engem Geriicht ze dinn huet, a priori juristesch oder judiziär Hëllef virzeenthalen?

Wär net och den Optrëtt als Zeie viru Geriicht oder d'Konstitutioun als „Partie civile" an deem Sënn ënnerstëtzenswäert, wou d'Aussoe vun engem Fonctionnaire vun de Sécherheetskräften an der Ëffentlechkeet ëmmer genee analyséiert ginn a wou eng Attack op hien ëmmer och en Ënnergruewen vun der staatlecher Autoritéit duerstellt, dat esou streng wéi méiglech sollt bestrooft ginn?

Wär et net en Ënnergruewen vun der Autoritéit vun eise Sëcherheetskräften an en Desaveu vum betraffene Beamten, wann de Versuch, si ze verletzen oder doud ze maachen, viru Geriicht géing verhandelt ginn an de Staat géing refuséieren si bei der Konstitutioun als „Partie civile" ze ënnerstëtzen, wéi hire Statut et am Prinzip versprëcht?

Sollt net besonnesch bei Sécherheetskräften dat Recht, sech ze verdeedegen oder Entschiedegung ze verlaangen, esou large wéi méiglech interpretéiert ginn, engersäits duerch d'strikt Respektéieren vun der Onscholdsvermuddung, anersäits duerch eng méiglechst optimistesch Aschätzung vun de Chancen vun

enger juristescher Aktioun a schliisslech, ouni den entstanene Schued scho virun der Verhandlung ënnerzebewäerten?

Mat déiwem Respekt,

Roy REDING
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique
et de la Réforme administrative

Réf. : mfpra_814x9acd2

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 MARS 2016

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 24 MARS 2016

Objet : Question parlementaire N°1836 du 24 février 2016 de Monsieur le Député Roy Reding concernant l'assistance judiciaire pour les fonctionnaires

Monsieur le Ministre,

En réponse à votre courrier du 24 février dernier, j'ai l'honneur de vous faire parvenir ci-dessous la réponse commune de Monsieur le Premier ministre, ministre d'État, de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et de Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative à la question parlementaire N°1836 du 24 février 2016 de Monsieur le Député Roy Reding concernant l'assistance judiciaire pour les fonctionnaires.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique
et de la Réforme administrative

Dan Kersch

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg
Tél.: (352) 247-83100
Fax: (352) 26 48 36 16
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
e-mail:
Ministere-FonctionPublique@mfp.etat.lu

**Äntwert vum Premier a Staatsminister, vum Minister fir bannescht Sécherheet a vum Minister vum ëffentlechen Déngscht an der Verwaltungsreform op d'parlementaresch Fro N°1836 vum Här Deputéierte Roy Reding iwert de rechtleche Bäistand fir Beamten.**

A senger parlamentarescher Fro N°1836 vum 24. Februar 2016 stellt den Här Deputéierte Roy Reding am Kontext vum Iwwerfall op de Siège vun der Firma G4S, dee viru kuerzem viru Geriicht verhandelt ginn ass, eng Rei Froen.

D' Regierung wëll an deem Zesummenhang den Artikel 32 Paragraph 4 vum Beamtestatut, op deen den Deputéierten sech berifft, nach eng Kéier zitéieren:

«*L'Etat protège le fonctionnaire ou l'ancien fonctionnaire contre tout outrage ou attentat, toute menace, injure ou diffamation dont lui-même ou les membres de sa famille vivant à son foyer seraient l'objet en raison de sa qualité ou de ses fonctions ainsi que contre tout acte de harcèlement sexuel et tout acte de harcèlement moral à l'occasion des relations de travail. Dans la mesure où il l'estime nécessaire, l'Etat assiste l'intéressé dans les actions que celui-ci peut être amené à intenter contre les auteurs de tels actes. Il en est de même pour les actions qui seraient intentées par des tiers ou par les autorités judiciaires contre le fonctionnaire en raison de sa qualité ou de ses fonctions devant les juridictions de l'ordre judiciaire.*»

De Staat kann an deem Kontext de Beamten iwwer verschidde Weeër ënnerstëtzen, sief dat um administrativen, juristeschen oder souguer psychologeschen Niveau. D' Zil ass et dem Beamten déi Ënnerstëtzung ze ginn, déi senger Situatioun entsprécht: d' Iwwerhuele vun den Affekotekäschte kann eng vu méi Méiglechkeete sinn.

Am Kader vum Iwwerfall op d' Firma G4S, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, haten e puer Beamte vun der Police grand-ducale, déi sech « partie civile » constituéiere wollten, gefrot fir dass de Staat hir Affekotekäschten iwwerhëlt.

Ofgesi vun engem Beamten, dee liicht Blessuren hat, an deen doduerch zwee Deeg krank geschriwwe war, ass glécklecherweis kengem Beamten eppes geschitt. De Schued vun deene betraffene Polizisten ass also haaptsächlech moralescher Natur. Fir Schuedenersaz viru Geriicht ze froen, huet de Staat hinnen déi néideg Ënnerstëtzung zougesot.

Dee Beamten, dee sech entscheet huet op des Ënnerstëtzung zeréckzegräifen, krut vun de Juriste vum Ministère vum ëffentlechen Déngscht an der Verwaltungsreform eng Berodung bei der Preparatioun vu sengem Dossier. No dëser Berodung huet dee betraffene Polizist senge Kollegen déi néideg Informatioune weiderginn, sou dass déi op déi selwecht Manéier och Schuedenersaz konnte froen.

Wat een nach kann dobäi soen ass, dass de Staat och Schuedenersaz gefrot huet fir déi Deeg, wou deen ee Polizist krank gemellt war.

Esouwäit den Departement vum ëffentlechen Déngscht an der Verwaltungsreform informéiert ass, ass dës Virgoensweis gutt opgeholl ginn, well déi Concernéiert sech vum Staat, als hire Patron, ënnerstëtzt gefillt hunn.